ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27.November 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Minister fir Ëmwelt an un den Här Minister fir Energie a Klima weiderzeleeden.

D'Wandenergie gëtt als eng "propper" Energie duergestallt, woumat dacks gemengt ass, datt d'Produktioun vun där Form vun Energie keng bleiwend Ëmweltschied géing hannerloossen an och keng Zäregase géing fräisetzen.

Elo, wou awer ëmmer méi Wandenergieanlagen uechtert d'Welt ofgebaut ginn, zum Deel fir se duerch neier ze ersetzen an zum Deel fir se definitiv ofzebaue well se sech net rentéieren oder hiren Impakt op d'Ëmwelt kritiséiert gëtt, ass et awer och un der Zäit fir méi e globalen Ëmweltbilan vun de Wandmillen ze maachen.

A verschiddene parlamentaresche Froen hunn ech schonn Ëmweltschied duerch d'Wandenergie ugeschwat, z.B. d'Konsequenzen op d'Vullen an d'Flantermais oder och de Gebrauch vu Neodymium.

An dem Zesummenhank wollt ech der Regierung elo, zousätzlech, dës Froe stellen:

1. Wéi vill Ar oder esou guer Hektar Bësch sinn zu Lëtzebuerg bis elo ewech gemaach gi fir d'Installatioune vu Wandenergie ze erméiglechen? Wat ass an dem Zesummenhank nach geplangt?
2. D'Wandenergieanlage brauchen en zolidd Fëllement, dacks aus Stolbeton. Dëst reecht meterdéif an de Buedem. Wéi sinn d'Normen zu Lëtzebuerg? Wéi vill Kubikmeter grouss sinn déi Fëllementer déi hei gebraucht ginn a wéi déif gi si an de Buedem? Wéi vill Kuelendioxid gëtt fir d'Produktioun vun esou engem Fëllement produzéiert? Wat geschitt mat dem Stolbeton wann eng Wandenergieanlag ofgebaut gëtt? Gëtt dee ganze Site dono sanéiert an zréck an den Ursprongszoustand versat, an zwar op där ganzer Déift vum Bëtongssockel?
3. Wéi laang ass d'Liewensdauer vun de Wandenergieanlagen zu Lëtzebuerg? Wéi eng Installatiounen mussen a wéi engem Zäitraum ersat oder ofgebaut ginn?
4. Ginn all Wandenergieanlagen déi net méi am Gebrauch ginn integral ofgebaut? Op wiem seng Käschten an a wéi engen Delaien?

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique

5. Wéi vill Extra-Offall gëtt duerch den Ofbau vun enger Wandmille produzéiert? Wéi eng Komponente kënnen net oder nëmme ganz schwéier recycléiert ginn? Wouhi ginn déi eenzel Deeler bruecht, besonnesch déi net-recyclabel an/oder gëfteg Offäll? Gëtt et eng Deponie hei am Land oder am noen Ausland déi ka fir deen Zweck benotzt ginn?
6. Wéi vill Käschten si mat dem Ofbau vun enger Wandenergieanlag verbonnen (Ofbau, speziellen Traitement vun Extra-Offall, Extraktioun vum Bëtongssockel, Sanéierung vum Buedem, Oftransport, Recycling, Deponien, Reforestatioun oder aner Notzung vum Site)? Ginn déi Käschte mat an d'Rentabilitéisberechnung vun enger Wandenergieanlag vun Ufank u mat agerechent?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten